Lacroix - sur - meuse

Haut Samsdes den 9. Mée 2015 woren 17 Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op Lacroix – sur – meuse bei den Bruno mat der Méck fëschen. Ewei mir Mueres zu Esch fortgefour sin huet et gereent an mir haten eis schon op naast d´Wieder angestallt mée et sollt awer ganz anneschters kommen ewell nodeems am Laaf vum Moien d´Wolleken sech verzun haten huet den Rescht vum Dag iwwer d´Sonn geschéint an d´Temperaturen lungen ëm déi 20° Grad. Den ganzen Dag iwwer huet awer zum Deel een kräeftegen Wand gebloosen. Nodeems mir bei der obligatorescher Tas Kaffi déi éischt Nouvellen vum Site kritt haten hun mir eis Staangen opgeriicht, Dëst ass dann d´Geleenheet fir sech mat den Kollegen auszetauschen fir gewuer ze gin wat Sie dann esou Alles erliewt haten an déier Zäit ewou mir eis net gesin hun.

Et wor een wonnerschéinen Fréijorsdag an d´Natur huet sech an allen Farwen gewisen, ronderëm den Site hun iwwerall d´Rapsfelder geblitt an och d´Schlësselblummen , d´Maargréitecher an all déi anner Blummen an den Wisen hun eis drun erënnert dass d´Natur elo erwächt wär an zeguer déi éischt Méemécken fir dëst Joër konnt en gesin. Mir hun awer fir unzefänken op déi geleefeg Methoden mat drechen -, intermediate an Sinkschneier gesat ewoubäi och meeschtens den Streamer oder éng Nymph zum Ansatz komm ass, géint der Mëtten hun dun awer ee puer Fëscher ungefaangen op drechen Mécken ze setzen an konnten och esou hir Fësch fänken. Allgemeng sin vill Fësch gefaangen gin an déi beschten Plazen woren och dës Kéier erëm am Ufank vum Weiher do ewou dësen nach ganz schmuel ass.

Et ass och ëmmer erëm flott ze gesin ewei beim Méckenfëschen, déi Jonk an Déi wellesch ëmmer jonk bliwwen sin, kënnen zesummen hirt Hobby genéissen, den Dan hat säin Bouw den Denis matbruecht an Dësen huet net nëmmen d'Fëschen am Blutt née Hien huet och schon all d'Sprëch drop ewei all déi aal Huesen ënnert den Fëscher an wann een gesäit mat eweivill Begeeschterung Hien dobäi ass dann fillt een sech erëm an séng Jugendzäit zeréck versat. Den Dan an säin Bouw woren objidverfall een gudd Team an hun eis gudd bei Laun gehalen. Sie Zwee haten och am längsten Ausdauer an hun als lescht Équipe opgehalen an Sie hun dobäi ganz vill Fësch gefaangen.

Nodeems mir ee puer Stonnen gefëscht haten ass et dun op den Apéro gaangen. Mir konnten dat gudd Wieder genéissen andeems mir eis op der Terasse anfond haten fir no déier viller Aarbecht eisen Duuscht ze läschen an no deem éngem oder anneren Picon mat Béier oder Menthe mat Perrier hun mir eis dun an der Veranda ungesat ewou den Bruno eis als Entrée éng Terrine an duerno Int mat gratinéierten Gromperen an gedämpten Geméis zervéiert huet. Als Dessert nach schnell éng Créme brulée an éng gudd Tas Kaffi an schon woren mir erëm fit fir et nach éng Kéier mat den Fësch op ze huelen an natiirlech hun mir et dun Mëttes ee bëssen méi lues ungoën geloos.

Mëttes huet praktesch déi ganzen Zäit iwwer d´Sonn geschéint an hei an do huet een schon Gobagen um Waasser konnten gesin an et woren zeguer schon schwaarz Sedgen eraus. Déi Éng hun hir Fësch mat der Stilwater – Nymph gefaangen, annerer ewei eisen Präsident den Jeek hun mam Flash gefëscht, Blopen hun och den gewënschten Erfolleg bruecht an zeguer Réihhoërsedgen sin Mëttes gehol gin. d´Fësch woren awer och zimlech virsichteg an esou huet een och vill Touchen verpasst. d´Fëscher woren awer Alleguer ganz zefridden och wann net Alles geklappt huet. Mir hun erëm éng schéin Sortie erliewt, leider haten am Virfeld ee puer vun den Kollegen missen ofsoën oder woren schon annerwäerteg engagéiert an obschon mir Dës vermësst hun woren mir awer an onserem Element an hun erëm virun Aaën gehalen kritt ewei ereegnesräich an kuurzweileg eisen Openthalter zesummen beim Waasser dach sin. Déi nächsten Sortie an eisem Joreskalenner féiert eis elo op Latilly ewou mir och erëm ganz sécher éng schéin Zäit verbréngen wäerten. Latilly ass och een eenzegartegen Site fir mat der Méck ze fëschen an hei kann een zeguer den Black Bass fänken.